ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

A verschiddene Schoulgebaier a Foyer Scolaire kënnen d'Fënsteren, anscheinend aus Sécherheetsgrënn, wann d'Kanner sech am Gebai ophalen, just gekippt ginn. D'Léierpersonal huet kee Schlëssel, fir d'Fënsteren opzespäre fir, z.B. wärend de Pausen, lëften ze kënnen. Dësen Zoustand huet eng Rei vu Nodeeler.

Wann d'Raimlechkeeten net kënne richteg geléft ginn, ass d'Warscheinlechkeet vu Pilze (Schimmel) vill méi grouss.

Duerch gekippte Fënstere geet vill Hëtzt verluer, an d'Mauere killen aus. Nëmmen ee geréngen Loftaustausch ass méiglech. Un de kale Maueren kondenséiert d'Fiichtegkeet méi séier wat Schimmelbildung begënschtegt.

Dowéinst wollt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Ass den Här Minister der Meenung, datt et aus Sécherheetsgrënn wierklech néideg ass, datt d'Fënsteren an de Schoulgebaier (resp. Container oder Schoulfoyeren) ëmmer nëmmen däerfe gekippt ginn, och wann d'Kanner ënnert der Surveillance vun engem Erwuessene sinn? Wat ass déi rechtlech Grondlag fir esou eng Bestëmmung? Gëtt et eventuell kommunal ënnerschiddlech Reegelungen an där Matière a, wa jo, wéi eng sinn dat?
2. Ass et de Conciergë verbueden, den Enseignanten e Schlëssel, fir d'Fënsteren opzemaachen, zur Verfügung ze stellen (z.B. fir datt si wärend de Pause kéinte richteg lëften)? Wa jo, vu wéi enger Instanz kënnt dee Verbuet an a wéi enger rechtlecher Form ass en?
3. Ginn d'Schoulgebaier, d'Container, d'Schoulfoyeren an esou viru reegelméisseg op Schimmel an aner schiedlech Substanzen ënnersicht ? Wa jo, wéi ee Service ass dofir zoustänneg an no wéi enge Modalitéiten (z.B. zäitlech Ofstänn) ginn dës Kontrolle gemaach? Hunn déi Persounen, déi dës Kontrolle maachen, ëmmer déi néideg an aktualiséiert Expertis?

4. U wéi eng Instanz kann een Enseignant sech adresséieren, wann hie fäert, datt e bestëmmte Sall oder e bestëmmtent Gebai gesondheetlech Risiken opweisen?
5. Gesäit den Här Minister et net éischter als e Risiko fir d'Sécherheet, wann den Enseignant keng Méiglechkeet huet, fir eng Fenster séier grouss opzemaachen? Et kann ee sech eng Rei vu Situatioune virstellen, och duerch déi international Aktualitéit aus deene leschte Joren, wou dëst am Interessi vun der Sécherheet vun der Schoulcommunautéit géing leien.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten